

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 8. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

Am Covid-Gesetz vum 20. Februar 2021 gëtt ënner anerem de Saz "Le directeur de la Santé met en place un système d'information qui contient des données à caractère personnel" aus dem Covid-Gesetz vum 17. Juli 2020 duerch de Saz "sont autorisés des traitements de données à caractère personnel au travers de la mise en place d'un système d'information pour les finalités suivantes" ersat. Weiderhin gëtt am Gesetz kloergestallt, datt Patienten, déi positiv op Covid-19 getest goufen, sech net dem Stockage an der Benotzung vun hiren Donnéeë kënnen widdersetzen. Sou wichteg et fir de Staat och ass, all d'Informatiounen, déi him zur Verfügung stinn, anzusetzen, fir der Pandemie sou séier wéi méiglech en Enn ze setzen, werfen dës Bestëmmungen awer e puer Froen op, déi um Niveau vum Dateschutz vu grousser Bedeitung sinn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsminister:

1. Wou an a wéi engem Datecenter ginn déi perséinlech Donnéeë vu Covid-Patiente stockéiert a vu wéi engem Service ginn se geréiert?
2. Ass et wierklech sou, datt just Dokteren a Personal aus dem Gesondheitsberäich Zougrëff op dës Donnéeë kënnen hunn? Wéi gëtt dat garantéiert a kontrolléiert?
3. Sinn international Technologiekonzerner um Stockage vun dësen Donnéeë bedeelegt?
4. Verfügt déi National Dateschutzkommissioun (CNPD) iwwer Informatiounen dozou an huet si en Avis iwwert d'Sécherheet vun deene medizineschen Donnéeën ofginn?
5. Ginn déi perséinlech Donnéeë vu Covid-Patienten an hiren elektronesch Patientendossier opgeholl?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten